



Dépôt: CLEMENT Sven

Orientierungsdebatte iwwert den "hate speech"

Lëtzebuerg, den 18/11/2021




Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- Grouss Social Media Plattformen decidéieren op Basis vun hiren eegene Reegelen, ob Contenuen der Nutzercharta entsprechen.
- Dës féiert oft dozou, dass d'Plattformen onofhängeg vun der Justiz Contenuen läschen oder stoe loossen.
- Den zentrale Problem vun dëser Demarche ass, dass verschidde Plattformen dës Decisiounen net no transparente Krittären exekutéieren, wouduercher verschidde Kommentaren, och wann se sech op dee nämmelechte Fong bezéien, ënnerschiddlech behandelt ginn.
- D'Decisioun, ob ee Contenu illegal oder schiedlech fir Drëtter ass, muss an engem Rechtsstaat a leschter Instanz ëmmer an den Hänn vun enger onofhängeger Justiz leien.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. d'Méiglechkeet ze préiwen, fir Fäll vun Hate Speech a Fake News kënnen no enger Référéeprozedur schnell an effikass ze jugéieren, andeems ee Juge en Référé de Pouvoir kritt fir Moosnamen an dësem Beräich kënnen provisoresch z'exekutéieren.
2. der Chamber bis den 30ten Mee 2022 eng Analyse virzeleeën, wéi dës Iddi kéint ëmgesat ginn a z'informéieren, ob si ee Gesetzesprojet dozou wäert deposéieren.


Sven CLEMENT

